maachen, an hir Famill, déi an der Regel an där Géigend wunnt, ass och esou méi no bei hinnen. Dofir begréisse mer, dass mer dezentral Investitioune fir Centres intégrés queesch duerch d'Land maachen.

Mir wëlle vun der Geleeënheet profitéieren, fir drop opmierksam ze maachen, dass déi Politik, fir dodran ze investéieren, muss weidergefouert ginn, bis dass mer wierklech eng Kéier un déi Situatioun erukommen, dass mer all de Leit hei am Land, déi et néideg hunn, kënnen esou e Bett offréieren. An deem Sënn bréngen ech d'Zoustëmmung vun eiser Säit fir dëse Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Camille Gira.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, ob et duergeet eng Schwëster ze hunn, déi am Oste wunnt, fir hei elo däerfe matzeschwätzen, mä jiddefalls wëll ech direkt den Accord vun der Fraktioun vun deene Gréngen zu dësem Projet bréngen.

Mir si frou fir all Plaz, déi an engem Altersheim, engem Fleegeheim geschafe gëtt, well dat d'Lëscht vun deene Leit, déi drop waarden, fir an esou eng Institutioun eranzekommen, méi kuerz mécht. Dat kënne mir als Gréng selbstverständlech nëmme begréissen.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Ministerin Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.-* Här President, ech géif och wëllen der Mme Meyers-Frank merci soe fir hiren ausféierleche Bericht, dee mer et wierklech erlaabt, fir net méi brauchen op iergendeen Detail anzegoen.

E Projet, deen zwielef Joer ënnerwee war, ass sécher kee Glanzstéck vu legislativer Aarbecht.

(Interruption)

Wa verschidde Leit eng Kéier kommen, fir iwwert d'Gestioun vu Projeten ze schwätzen, wäert ech hinnen deen heiten an Erënnerung ruffen.

Bestëmmt ass de President a sinn d'Membere vum Hospice civil den Owend esou frou wéi de Buergermeeschter vun lechternach, dass se elo endlech d'Aussicht hunn, fir déi Suen, déi se während laange Jore virgestreckt hunn, zréckzekréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4878 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Niki Bettendorf)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4878.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 58 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Ady Jung);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Aly Jaerling);

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch) et Mme Renée Wagener (par M. Robert Garcia);

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4137. D'Wuert huet d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Mme Ferny Nicklaus-Faber.

6. Projet de loi 4137 portant institution d'un comité luxembourgeois des droits de l'enfant, appelé "Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand" (ORK)

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Ferny Nicklaus-Faber *(CSV), rapportrice.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Moment vun der Ratifizéierung vun der Kannerrechtskonventioun, déi den

20. Dezember 1989 vun der UNO-Vollversammlung ugeholl ginn ass, ass d'Fro opkomm, ob een iwwerhaapt eng spezifesch Konventioun fir d'Kanner bräicht, ob d'Mënscherechtskonventioun vum Europarot net géif duergoen, respektiv ob eise gesetzleche Kader net géif de Kanner déi néideg Protektioun garantéieren.

Deemools gouf dës Fro mat engem kloren Nee beäntwert. Dës Äntwert gëllt nach haut. E Kand ass e vollwäertege Mënsch, dee Rechter huet. Wéinst dem Mangel un Erfahrung an u Maturitéit brauch d'Kand en extrae Schutz, besonnesch um rechtleche Plang.

D'Kannerrechtskonventioun vun 1989 huet de Mérite, dass se déi verschidde Schutzprinzipien a Saache Kannerrechter an engem internationalen Text regruppéiert, d'Rechter vun de Kanner unerkennt an d'Obligatioune vun de Länner, beziehungsweis vun den Elteren festhält.

Mä wat ass mat där praktescher Applikatioun vun dëse Rechter? Et geet nämlech net duer, Rechter unzeerkennen, mä konkret Aktiounen a Moossname si gefrot, fir dass d'Kannerrechtskonventioun net als eng einfach Absichtserklärung an d'Geschicht vun de Kannerrechter agoe soll.

Dës Bedenke ginn och klor aus dem Konventiounstext eraus. Niewent der Verbreedung vun der Konventioun selwer, zu där sech all Stat, deen d'Konventioun ënnerschriwwen huet, verflicht huet, gesäit den UNO-Text och vir, dass sech all Land dem Contrôle duerch en internationale Comité fir d'Rechter vun de Kanner ënnerstellt.

Verschidde Länner - ech wäert nach eng Kéier dorop ze schwätze kommen - sinn de Wee gaangen, dee mir haut ginn. Si hunn eng Struktur geschafen, déi sech fir d'Verteidegung an d'Promotioun vun de Kannerrechter an hirem Land asetzt. Meeschtens gehéiert zu de Missioune vun esou enger Struktur d'Analys vun de Gesetzer, d'Diffusioun vun de Prinzipie vun der Konventioun an d'Verfaasse vun engem Bericht iwwert d'Situatioun vun de Kanner. Esou en Organ kann och Avisen zu de verschiddene juristeschen Texter a Gesetzesprojeten ofginn oder Moossname proposéieren, fir dass d'Rechter vun de Kanner besser garantéiert ginn.

De Gesetzesprojet, dee mir haut an der Chamber zur Ofstëmmung virleien hunn, gesäit d'Asetze vun esou enger Struktur vir, den Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand, kuerz genannt ORK.

Dëse Projet stellt domat eng konkret Ëmsetzung vun der UNO-Konventioun vun 1989 duer. Mä doriwwer eraus gehéiert den ORK zur Jugendschutzbewegung, déi op den Ufank vum 19. Jorhonnert zréckgeet.

D'Chrëschtentum huet, andeem et d'Gläichheet tëschent de Mënschen an d'Flichte vun den Eltere vis-à-vis vun hire Kanner proklaméiert huet, d'Fundament zur Unerkennung vun de Kanner als "Sujet de droit" geluegt. Mä de Wee zu dëser Unerkennung war laang an ass nach net komplett ofgeschloss.

Am Laf vum 17. an 18. Jorhonnert ass d'Roll vun den Elteren an d'Stellung vum Kand nei definéiert ginn. Mä et ass den napoleonesche Code civil, dee fir d'éischt d'Wäertstellung vum Kand um rechtlechen Niveau festgehalen huet. Et bleift, dass esouwuel de Code civil vun 1804, deen iwwregens bis an d'60er Joren ouni gréisser Modifikatiounen applizéiert gouf, wéi de gréissten Deel vun de Gesetzer, déi am Laf vum 19. an 20. Joerhonnert gestëmmt gi sinn, méi de Schutz vum Kand wéi d'Unerkennung vu senge Rechter als Objektiv haten.

Schützend Moossname si besonnesch am sozialen a gesondheetleche Beräich am Laf vun de Jorzéngte geholl ginn. Et kënnt een all d'Gesetzer opzielen, déi zënter 1810 d'Aarbecht vun de Kanner a vun de Mineure reglementéieren oder déi, déi e medezinesche Suivi vu schwangere Fraen a klenge Kanner virgesinn, bis hin zur Protection de la Jeunesse, déi, wéi den Numm et seet, der schützender Philosophie ënnerluegt ass.

Et ass eréischt säit e puer Joer, dass d'Kannerrechter explizit unerkannt ginn. Als Beispill kann een d'Gesetz iwwert d'Prestations familiales vun 1985 opzielen, wat dem Kand an net den Elteren d'Recht op eng Prestatioun zousprécht, oder d'Gesetz vun 1992 iwwert d'Protection de la Jeunesse, dat virgesäit, dass d'Kand Recht op een eegenen Affekot huet.

Während dem leschte Jorzéngt huet den Europarot d'Memberstaten opgefuerdert, d'Asetze vun enger spezifescher onofhängeger Struktur virzegesinn, déi als Missioun d'Promotioun vun der Kannerkonditioun hätt.

Eis Chamber hat am Kader vun der Ratifizéierung vun der Kannerrechtskonventioun am Joer 1993 e puer Motioune gestëmmt an d'Regierung opgefuerdert, ënner anerem d'Ariichtung vun enger Ombudsstruktur fir Kanner ze schafen. D'Regierung huet datselwecht Joer dem Ministère de la Famille den Optrag ginn, en Aarbechtsgrupp anzesetzen, dee sech ënner anerem mat de Motioune vun der Chamber a besonnesch mat der Ariichtung vun enger Struktur "type Ombuds" befaasse sollt. D'Aarbecht vun dësem Groupe de travail, deen eng Rei Leit aus dem In- an Ausland befrot huet, ass an dee virleiende Projet de loi agefloss.

D'Regierung huet nach eng Kéier hire Virsaz, eng besonnesch Struktur fir d'Kanner ze schafen, an hirer Deklaratioun vum 22. Juli 1994 zum Ausdrock bruecht.

De 5. Mäerz 1996 ass dëse Gesetzesprojet vun der Famillejeministesch deponéiert ginn.

Wann déi legislativ Prozedur esou laang gedauert huet, ass dat dorop zréckzeféieren, dass dëse Projet fir vill Diskussioun a Kontroverse gesuergt huet, déi mat sech bruecht hunn, dass den ursprünglechen Text komplett modifizéiert ginn ass, net zulescht vun der zoustänneger parlamentarescher Kommissioun.

D'Regierung huet den Text zweemol amendéiert.

Déi lescht Amendementer, an och déi wichtegst an deem Sënn, dass dës Amendementer déi aktuell Dispositioune vum Projet festgehalen hunn, déi si vum 19. Februar 2001. Dës Ëmännerungen droen dem Avis an de Propositioune vum Statsrot Rechnung. Den amendéierte Projet huet ee vill méi klengen Objet a limitéiert sech op d'Ariichtung vun engem Ombudscomité. Allgemeng Bestëmmungen iwwert d'Ofsécherung vum Kand an déi domat verbonnen Neiarrichtungen, wéi e Bureau de l'enfance, deen Informatiouns-, Orientatiouns- a Mediatiounsmissiounen ugeholl hätt, oder eng Banque de données iwwert plazéiert Kanner, sinn aus dem Projet erausgeholl ginn.

D'Commission de la Famille huet dësen Text den 19. Februar 2001 bis op zwee Punkten, déi si amendéiert huet, majoritär ugeholl. Den Text ass net nëmmen de Kriticke vun de Beruffschamberen, vun den Associatiounen, déi am soziale Beräich schaffen, vum Statsrot oder nach vun der Commission consultative des Droits de l'Homme ausgesat gewiescht, hien huet och fir vill Diskussiounen am Kader vun der parlamentarescher Kommissioun gesuergt.

Ech géif hei gären eng kleng Parenthèse opmaachen an zur Commission consultative des Droits de l'Homme kuerz bemierken, dass dës Organisatioun eng äusserst kuriéis Virgehensweis un den Dag geluegt huet. Net nëmmen huet dëst Organ aus eegener Initiativ en Avis zum Gesetzesprojet ofginn, wat jo u sech kee Problem ass, am Géigendeel, mä dëst Organ huet et net fir néideg fonnt, säin Avis der Chamber an der parlamentarescher Familljekommissioun zoukommen ze loossen. Si wousste vun der Existenz vun esou engem Avis näischt. Si hunn dervun aus der Press erfuer. Esou e Virfall ass bedauernswäert, virun allem wann ee bedenkt, dass de Statsrot dësen Avis kritt huet an a sengem leschten Avis zitéiert huet.

Wa mam Prinzip, eng Struktur fir d'Kanner ze schafen, jiddfereen averstanen ass, trenne sech dach d'Gemitter, wann et drëms geet, wat fir eng Form dës Struktur soll unhuelen. Et si virun allem d'Associatiounen am soziale Beräich wéi och de Statsrot, déi sech géint eng kollegial Struktur, esou wéi se am Projet virgesinn ass, ausgeschwat hunn. De Statsrot huet awer keng Opposition formelle gemaach.

D'Auteure vum Projet de loi hunn de Choix getraff, d'Kannerrechtskonventioun vun 1989 ze concrétiséieren, andeems se eng spezifesch Struktur virgesinn, déi sech un d'Situatioun vun eisem Land upasst. Well eist Land kleng ass an de Risiko, dass eng eenzel Persoun méi staark ënner Drock ka komme wéi eng kollegial Struktur, hunn d'Auteure vum Gesetz sech fir e Comité ausgeschwat.

Dobäi ass dat lëtzebuergescht Ombudskonzept alles wéi net eenzegaarteg. Frankräich an déi belsch Communauté flamande sinn déi eenzeg, déi eng Ombudspersoun au sens strict instituéiert hunn. D'Beispill vun Dänemark ass ganz interessant: Dëst Land, wat och zu deene klenge Länner gehéiert, huet sech, nodeems virgesi war, eng Ombudspersoun ze schafen, dach schlussendlech fir eng kollegial Form entschloss. D'Objektiver vum dänesche Conseil national pour les enfants sinn hoergenau déiselwecht wéi déi vun enger Ombudspersoun. Et géif kengem an de Sënn kommen, fir d'Onofhängegkeet an d'Kompetenz vun dësem dänesche Conseil, deen zu de Fondateure vum europäesche Médiateursréseau gehéiert, unzezweifelen. Well, wat zielt, ass net d'Form, mä d'Philosophie an d'Orientatioun, déi dëser Struktur zugrond läit. An den ORK entsprécht genau dëse Kritären.

D'Missioun vum ORK ass et, d'Rechter vum Kand ze schützen an ze promovéieren. An dësem Sënn gëtt dem Comité eng Rei vu Funktiounen unerkannt, déi mat de Kannerrechter an deene betreffende legislativen Texter ze dinn hunn. Et gehéiert zu sengen Attributer, bestoend Texter ze analyséieren, Recommandatiounen ze maachen oder Avisen zu Texter a Gesetzesprojeten ofzeginn. Den ORK ka sech iwwert d'Situatioun vun de Kanner am Land äusseren. Hie kritt Informatiounen iwwer Verletzung vu Kannerrechter a kann zu dësem Zweck Kanner héieren, ouni elo awer kënnen direkt anzegräifen. Dat ass d'Aufgab vun aneren Institutiounen a Servicer, déi vum ORK kontaktéiert kënne ginn.

Den ORK ass am Géigendeel zu deem, wat Verschiddener fäerten, eng onofhängeg Struktur. De Secret professionnel, deem d'Membere vum ORK ënnerworf sinn, ass een Aspekt vum Comité senger Onofhängegkeet. Deen aneren Aspekt stellen d'Incompatibilitéiten tëschent dem ORK-Mandat an anere Funktiounen duer.

De Statsrot ass der Meenung, an domat spigelt hien d'Positioun an d'Suerge vum soziale Secteur erëm an och déi, déi verschidde Membere vun der Kommissioun während den Debatten un den Dag geluegt hunn, dass de Comité näischt anescht wär wéi eng administrativ Struktur, déi Schwieregkeete géif kréien, fir bei den Haaptinteresséierten, de Kanner, unzekommen. D'Kanner bräichten eng Bezuchspersoun, déi eleng verantwortlech wier, heescht et am Avis vum Statsrot. Déi kollegial Form wier och keng Garantie fir d'Onofhängegkeet vum ORK, liest ee weider. Bleift och nach de Problem vun der Disponibilitéit vun de Membere vum ORK, déi ausser dem President oder der Presidentin, net à plein temps agestallt sinn.

Während den Diskussiounen an der Familljekommissioun hu sech zwou Tendenzen erauskristalliséiert, dovun eng sech, schematesch gesinn, den Iwwerleeunge vum Statsrot uschléisst, déi aner éischter d'Positioun vun den Auteure vum Projet vertrëtt. Dës zweet Tendenz weist op auslännesch Experienzen hin, déi beweisen, dass eng kollegial Form duerchaus effikass ka sinn. Alles hängt, wéi ëmmer, vun dem perséinlechen Engagement vun de Memberen of, a virun allem vum President, deen, wann hie sech komplett a senger Missioun asetzt, duerchaus als Ombudspersoun identifizéiert ka ginn.

An dësem Kontext ass ze bemierken, dass den Titel vum President oder der Presidentin: "Ombudspersoun fir

d'Rechter vum Kand", deem seng leedend Funktioun valoriséiert. Et brauch een also net ze fäerten, dass de President en einfache "primus inter pares" gëtt. D'kollegial Form léist sech ausserdeem, fir dës zweet Tendenz, och duerch d'Tatsaach erklären, dass de President op eng pluridisziplinär Equipe ziele muss, fir senge Funktioune korrekt nogoen ze kënnen.

D'parlamentaresch Kommissioun huet sech schlussendlech a senger grousser Majoritéit der Propos vun den Auteure vum Gesetzesprojet ugeschloss mat der Begrënnung, dass ee misst dëser Struktur d'Chance ginn, fir sech ze behaapten. Falls dës Form sech als net adequat erweise géif, respektiv falls Problemer optauche géifen, ass et jo ëmmer méiglech, déi eng oder aner Adaptatioun virzehuelen.

Den Text, dee mir haut zur Ofstëmmung virleien hunn, besteet aus dem amendéierten Text vun der Regierung vum 19. Februar 2001 plus d'Amendementer, déi d'Kommissioun adoptéiert huet an déi och vum Statsrot aviséiert gi sinn.

Den éischte parlamentareschen Amendement bezitt sech op den Intitulé vum Gesetzesprojet. De Statsrot hat a sengem Avis vum 9. Oktober 2001 proposéiert, den Titel vum Gesetz ze änneren. Den Intitulé soll mam Objet vum Projet iwwerenee stëmmen. D'Familljekommissioun huet d'Usiicht vum Statsrot gedeelt an den Titel ofgeännert. De Projet de loi heescht elo: "Projet de loi portant institution d'un comité luxembourgeois des droits de l'enfant, appelé "Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand" an heescht net méi "Projet de loi portant sur la promotion des droits de l'enfant et la protection sociale de l'enfance."

Den Artikel 5 vum Projet de loi ass vun der Kommissioun amendéiert ginn. D'Kommissioun war der Meenung, dass et besser wär, dass de Comité eng fix numeral Zesummesetzung hätt. Den Text vun der Regierung hat virgesinn, dass de Comité kënnt maximal sechs Leit hunn. Et kënnt een doraus schléissen, dass d'Zesummesetzung vum Comité variabel wier, wat net wënschenswäert ass. Esou ass décidéiert ginn an der Kommissioun, den Term "maximal" aus dem Text erauszehuelen. De Comité setzt sech aus sechs Leit zesummen, dovun e President oder eng Presidentin, déi vum Grand-Duc nominéiert ginn, fir e Mandat vu fënnef Joer, Mandat, wat eng Kéier erneierbar ass.

D'Lëscht vun den Incompatibilitéiten ass och ausgeweit gi bis hin zum Gemengeconseiller. All d'Membere vun de Gemengeréit, an net nëmmen d'Buergermeeschteren an d'Schäffen, solle vun der Funktioun vu Member vum ORK ausgeschloss ginn. Niewent de Membere vun de Gemengeréit sinn och nach d'Deputéierten, d'Membere vum Statsrot a vun der Regierung vun de Funktiounen am Kader vum ORK ausgeschloss. D'Conseillers de Gouvernement geféieren zur Regierung a kënnen dofir och net Member vum ORK ginn.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 9. Oktober 2001 d'Fro vun der Révocatioun vun de Membere vum ORK opgeworf. D'Familljekommissioun huet der Propos vum Statsrot, esou eng Prozedur virzegesinn, Rechnung gedroen an zwee nei Alinéaen an den Artikel 5 integréiert, déi de Prinzip vun esou enger Révocatioun duerch de Grand-Duc festsetzen an d'Hypotheesen opzielen, wou e Mandat widderruff ka ginn. Dat ass zum Beispill de Fall, wann de Member stierft oder démissionnéiert oder wann hie seng Éierbarkeet verléiert an net méi amstand ass, fir an dësem Comité ze schaffen.

Nach ee Wuert zum Artikel 1 vum Gesetzesprojet, deen den Objet vum Gesetz definéiert. De Statsrot huet d'Meenung vertrueden, et misst een dësen Artikel och ëmänneren an den Objet esou definéieren, dass e mat där eenzeger konkreter Moossnam, déi geholl ginn ass, an zwar d'Institutioun vum ORK, iwwerenee stëmme géif. No dësem Artikel ass den Objet vum Projet de loi d'Promotioun an de Schutz vun de Kannerrechter. Dësen Artikel bezitt sech och ganz klor op d'Kannerrechtskonventioun. D'Kommissioun huet awer gemengt, dass dës Referenz wichteg wier, well de virleiende Projet eng praktesch Ëmsetzung vun der Kannerrechtskonventioun duerstellt. Esou wéi den Artikel am Text vum 19. Februar 2001 formuléiert ass, stellt hien de generelle Kader, an deem den ORK évoluéiert. Dësen Artikel ass net geännert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text, dee mir vireien hunn, ass ee wichtegen Text, dee sécherlech zur Verbesserung vun der Konditioun vun eise Kanner an zu hirer aktiver Participatioun an der Gesellschaft wäert bäidroen. Ech géif dowéinst, am Numm vun der Familljekommissioun, d'Chamber bieden, dësen Text ze stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank.

Discussion générale

Mme Marie-Josée Meyers-Frank *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Rapportrice, der Mme Ferny Nicklaus-Faber, merci soe fir hire schréftlechen a mëndleche Rapport.

D'Kanner sinn eis Zukunft. Si sinn d'Haaptacteure vun der Gesellschaft vu muer. Si gestalten eis Gesellschaft. Mä wéi?

Alles hänkt dervun of, wéi d'Famill an d'Gesellschaft vun haut d'Kanner verstinn a respektéieren, ob si sech fir d'Rechter a fir d'Promotioun vun hirer Konditioun asetzen oder net, ob si et fäerdeg bréngen, dëse Kanner d'Wäerter an d'Prinzipien, op déi sech all Demokratie baséiert, ze iwwerdroen. Dobäi ass ze soen, dass awer esou eng Wäertvermëttlung méi wéi nëmmen eng rhetoresch Konscht viraussetzt.

D'Kanner vun haut, d'gesellschaftlech Acteure vu muer, kënnen nëmmen eppes mat deene vermëttelte Wäerter a Prinzipien ufänken, wann dës Wäerter a Prinzipien och an der Praxis ëmgesat goufen a si e Beispill doheem an dobausse mat op de Wee kruten.

Wat bedeit et fir Erwuessener, e Sujet de droits ze sinn, wa si net als Kand an de Genoss vu verschiddene Rechter koumen. Wäerten d'Rechter vum Mënsch an Zukunft nach eng Bedeitung hunn, wann d'gesellschaftlech Acteuren als Kand zwar Rechter am Kader vun diversen nationalen an internationalen Texter unerkannt kruten, déi awer ni praktesch applizéiert gi sinn?

D'Kanner spigelen eis Gesellschaft erëm. Eng Gesellschaft, déi lues a lues am gaang ass, hir u Schizophrenie grenzend Attitude a puncto Kannerrechter ze iwwerwannen, eng Gesellschaft, déi et verstanen huet, dass ee muss d'Rechter vun de Kanner an engem obligatoreschen Text formell unerkennen an doriwwer eraus duerch prezis Moossnamen an der Realitéit fest verankeren.

De virleiende Gesetzesprojet dréit sécherlech derzou bäi, d'Rechtssituatioun vun de Kanner an eiser Gesellschaft ze verbesseren. Andeem mir eng spezifesch Struktur schafen, déi sech ganz de Rechter an de Konditioune vun de Kanner consacréiert, maache mir e Schrëtt méi a Richtung Unerkennung vun de Kanner als "sujets de droit". D'Kanner hu Rechter, an dat soll een op allen Niveauen, virun allem op dem rechtleche Plang, mä net ausschliesslech do, erëmfannen. Dofir ginn der Ombudsstruktur eng Rei vu Missiounen zouerkannt, déi zum Zil hunn, sech e klengt Bild vun der Situatioun vun de Kanner ze maachen, an ze kucken, wéi een dës Situatioun verbessere kéint. Dofir dierf den Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand am Kader vu senger Missioun ënnert anerem Recommandatioune maachen, oder Avisen zu Gesetzestexter oder Projeten ofginn, déi d'Kanner interesséiere kënnen.

Wat mir immens wichteg erschéngt, ass d'Méiglechkeet fir dës Struktur, d'Kand ze héieren, quitte datt en direkt an individuellt Agräife vum ORK net méiglech ass. Den ORK ass méi an deem Fall eng Structure de guidance wéi eng Structure d'aide directe. Solutiounen a konkret Moossname ginn op engem aneren Niveau diskutéiert. Et bleift awer, dass d'Kanner vun elo un eng Struktur zur Verfügung hunn, déi an hirem Interesse schafft, a kuckt, sech fir hir Solutiounen anzesetzen.

Et ass vill iwwert den heitege Gesetzesprojet geschriwwen a gesot ginn. Et huet net u Polemik gefeelt, ganz am Géigendeel, obwuel ech der Meenung sinn, datt a Saache Mënschen- a Kannerrechter d'Polemik falsch op der Plaz ass. D'Geméider gi virun allem op engem Punkt auserneen, an zwar op deem, vun der Fro, wat fir eng Form d'Ombudsstruktur soll kréien. De Fait, datt de virleiende Projet d'initial Form vun engem Comité bäibehalen huet, ass vu ville Säite kritiséiert ginn. Et gouf esouguer behaapt, dës administrativ Struktur géif de Kanner näischt abréngen, an d'CSV, déi hannert dësem Gesetzesprojet steet, hätt keen Häerz fir Kanner. Dat huet den Här Lux gemengt, an dat hunn ech schrecklech fonnt.

D'kollegial Form arrangéiert mat Sécherheet net déi Leit, déi gehofft haten, Drock op eenzel Persoune maachen ze kënnen. Et ass bekanntlech méi schwéier, e ganze Comité ze influencéiere wéi eng eenzel Persoun. Dat ass och den Haaptgrond, firwat d'Auteure sech fir eng kollegial Form entscheed hunn, a firwat och dës Form schlussendlech an der Kommissioun zréckbehale ginn ass. Lëtzebuerg ass kleng, jiddferee kennt deen aneren. D'kollegial Form war an ass d'Solutioun, fir all ongewënschten Amëschungen an der Aarbecht, an de Fonctioune vum ORK ze vermeiden. Mir hätte keen Häerz gehat, wa mir d'Kanner enger eenzelner Persoun iwwerlooss hätten, déi vläicht méi Interesse vu verschiddene Lobbye vertrueden hätt wéi déi vun de Kanner. Doriwwer eraus ass et net d'Form, déi de Succès vun dëser Struktur wäert ausmaachen: Et sinn d'Moyenen, déi dës Struktur wäert hunn, an dee perséinlechen Engagement vu senge Memberen ass gefuerdert.

Vill Leit hu sech op Erfahrungen am Ausland baséiert, fir Kritik auszeüben. Dozou wollt ech zwou Saache soen: Éischtens muss een net alles blannemännches nomaachen ouni ze kucken, ob dat, wat am Ausland gemaach gëtt och fir eist Land a Fro kënnt oder net. D'Auteure vum Projet hunn auslännesch Experienzen ënnert d'Lupp geholl a festgestallt, datt, bis op Frankräich an déi flamännesch Communautéiten an der Belsch, déi aner Länner, déi eng Ombudsstruktur hunn, sech fir e Comité respektiv fir eng komiteesaarteg Struktur ausgeschwat hunn. Ee Land wéi Dänemark zum Beispill, wat wéi Lëtzebuerg zu deene klenge Länner gehéiert, huet sech schlussendlech fir eng kollegial Form entscheed. Wéi een et am Rapport vun der Kommissioun noliese kann, géif et kengem an de Sënn kommen, d'Onofhängegkeet an d'Kompetenz vun der dänescher Struktur a Fro ze stellen, obwuel et sech ëm eng kollegial Struktur handelt. Esou gesinn ech och net an, firwat d'kollegial Form fir esou vill Diskussiounsstoff gesuergt huet. Ech schléisse mech der Konklusioun vun der Familljekommissioun un, wa se seet, et misst een dem ORK d'Chance ginn, sech ze bewähren. Wann d'Kriticke berechtegt wäerte sinn, an een agesäit, datt d'Kanner zum Beispill Schwieregkeeten hunn, eng Persoun mat dëser Struktur ze identifizéieren, an dofir net vun dëser Struktur Gebrauch maache kënnen, respektiv, wa mer gesinn, dass dës Struktur wéinst senger Form net optimal senge Fonctiounen nogoe kéint, da muss een halt Änneruge ervirbréngen.

Iwwert dës Meenungsënnerscheeder a puncto Form vun der Ombudsstruktur eraus bleift, datt mir am virleiende Gesetz de richtege Wee a Saache Kannerrechter ageschloen hunn. Et bleift awer nach vill an deem Beräich am Interesse vun de Kanner ze maachen. Mir si ganz am Ufank vun enger reeller Unerkennung vum Kand als Sujet de droit. Mir hunn nach e laange Wee virun eis, an et ass d'Aufgab vum ORK, eis op dësem Wee ze begleede

respektiv eis de Wee ze weisen. Ech wënschen, datt d'Membere vum ORK sech hirer wichteger Aufgab bewosst ginn. Dofir ass et wichteg, d'Membere mat allergréisster Virsiicht erauszesichen.

Vill Kanner vun haut liewen an engem ongesonde Familljeklima, wou den ekonomesche Wuelstand dominéiert. Eegeninteresser an Egoismus loossen oft vill ze vill Kanner mat hire Problemer eleng, mat der Konsequenz, datt d'Kanner onzefridde sinn, an net wëssen, wat se maache sollen, an eventuell Zuflucht an Drogen respektiv Alkohol fannen. Dës Kanner hunn d'Recht, datt ee sech ëm si këmmert. Ech géif och dofir jiddferee bieden, seng Responsabilitéiten ze huelen, d'Politiker, andeem si hir parteipolitesch Divergenzen iwwerwannen a probéieren op dësem Terrain Solutiounen ze fannen, déi am Interesse vum Kand sinn. Ech gesinn de virleiende Projet och als Impuls, fir a verschiddenen Dossieren, wéi zum Beispill an deem vun der "Jeunesse en détresse" endlech erëm weider ze schaffen.

Zum Schluss wollt ech nach bemierken, datt et wichteg ass, datt d'Kanner an d'Bild gesat ginn, dat heescht iwwert dëst Gesetz informéiert ginn. Si musse wëssen, u wie si sech wende kënnen, wa si Problemer hunn, a si solle wëssen, wat d'Missioune vum ORK sinn, wat hinnen hëlleft aus hirer Problematik erauskommen. Dofir géif ech d'Mme Familljeminister bieden, eng Informatiounscampagne an de Schoulen iwwert dëse wichtegen Thema ze lancéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif lech bieden, am Numm vu menger Fraktioun, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen. Et ass e Schrëtt an d'Zukunft.

Merci!

M. le Président.- Als nächst Diskussiounsriednerin ass d'Mme Lydie Err agedroen. D'Wuert huet d'Mme Err.

7. Dépôt d'une proposition de loi

Mme Lydie Err *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt lech fir d'éischt eng Proposition de loi déposéieren iwwert d'Introductioun vun der Médiatioun am Kader vum Code de procédure civile:

- Proposition de loi 4969 portant introduction de la médiation civile et commerciale dans le Nouveau Code de Procédure Civile.

Merci!

8. Projet de loi 4137 portant institution d'un comité luxembourgeois des droits de l'enfant, appelé "Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand" (ORK) *(Suite)*

Discussion générale (Suite)

Da wëll ech zu dësem Projet 4137 kommen, a just op engem Punkt eng Widderhuelung hei maachen, déi zréckgeet op d'Kannerrechtskonventioun vum 20. November 1989, déi zu Lëtzebuerg bei eis an der Chamber 1993 gestëmmt ginn ass. Am Kader vun där Ofstëmmung ass op Initiativ vum Gilbert Pregno eng Motioun hei vu mir initiéiert ginn, an unanime gedroe ginn, déi d'Institutioun vun engem Ombudsmann, enger Ombudspersoun gefrot huet. Vis-à-vis vun dëser Motioun huet Regierung ee grousse Mérite an a mengen Aen e puer grouss Feeler.

De Mérite besteet doranner, dass iwwerhaapt emol eng Kéier eng Motioun, déi an der Chamber ofgestëmmt ginn ass, an zwar unanime, während néng Joer Objet vun Debatten innerhalb vun der Regierung a vu verschiddenen Instanze war, déi deen Text vun der Regierung oder déi Texter vun der Regierung aviséiert hunn. Dat u sech ass e Mérite, dee seele genuch ass, fir dass et der wäert ass, dat ze ënnersträichen.

Schlecht ass awer dat Resultat, wat erauskomm ass an haut virläit. Trotz deenen néngjährege Beméiungen an trotz 20 Documents parlementaires, wat awer trotz allem relativ exceptionnel ass. Et ass nämlech esou, dass den Titel vun dësem Projet de loi net dem Inhalt entsprécht. Ech wäert probéieren - an et deet mer Leed, dass ech e bëssen technesch muss ginn - dat ze beweisen. Den Intitulé vum Projet stëmmt net iwwerenee mam Text selwer, deen am Projet steet, soudass ech leider fir mäin Deel an och meng Fraktioun zur Konklusioun kommen, dass, esou wéi deen Text hei intituléiert ass, et sech ëm Etiketteschwindel handelt. Well: Eng Ombudspersoun ass e Médiateur. Wa mer da kucken, wat d'Regierung de leschten Hierscht proposéiert huet am Kader vum Projet de loi iwwert d'Introduction vun engem Médiateur zu Lëtzebuerg, a wa mer kucken, wat haut an deem Text hei steet iwwert de Kannermédiateur, dat heescht de Médiateur, dee sech ëm déi schwächste Glidder an der Gesellschaft këmmere soll, dee misst eigentlech besser ausstaffféiert sinn um Niveau vu senger Indépendance, vu senge Kompetenzen an Attributioune wéi déi generell Ombudspersoun fir d'Erwuessener. Mer mussen awer feststellen, dass dat leider net de Fall ass. Ech wäert probéieren, lech dat Punkt fir Punkt ze beweisen.

Et ass sécherlech dofir och keen Hasard, dass spontan Avisen an dësem Dossier foisonnéieren. Et ass rar, datt zum Beispill d'Asbl Protection des droits de l'enfant en Avis gemaach huet, dass e spontanen Avis gemaach ginn ass vun der Commission consultative des droits de l'homme, an dass néng Associatiounen deeselwechten Avis ënnerschriwwen hunn, dass de Statsrot en Avis gemaach huet, mat Désaccorden op verschiddenen, a mengen Ae wichtege Punkten, mat dem Projet, wéi en elo amendéiert ginn ass.

Et kann een also soen, dass hei contre vents et marées eppes duerchgequetscht soll ginn, wat vun der Essenz vum Ombudsmédiateur eigentlech nëmmen nach den Numm huet. Et däerf ee sech net ieren an et muss ee wëssen, dass eng Ombudspersoun e Médiateur ass, deen am öffentleche Beräich agéiert, an deen also deene generelle Kritäre vun engem Ombudsmann entsprieche